



Groupe parlementaire

N°7059  
Entrée le 25.10.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 25.10.2022

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg de 25. Oktober 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Arméiminister an den Här Baussen- an Europaminister weiderzeleeden.

Bei engem Optrétt virun der "European Diplomatic Academy" huet den EU-Baussebeoptragte Joseph Borrell annoncéiert, datt d'EU d'Arméi vun der Russescher Federatioun am Fall vun engem Atomugrëff an der Ukrain géif "*vernichten*". Dës Deklaratioun riskéiert ämsou méi als lächerlech empfonnt ze ginn, well d'EU iwwer esou gutt ewéi keng eege militäresch Mëttele verfüügt.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung hir Positioun zu dësen Aussoe vum Här Borrell elaboréieren? Ass d'Regierung der Opfaassung, datt et ubruecht ass an dëser Situatioun de Konflikt weider verbal ze eskaléieren?
- 2) Kann d'Regierung an deem Zesummenhang präziséieren ënnert wéi enger Kompetenz den Här Borrell dës militäresch Moosnam annoncéiert huet an ob hien d'Grenze vu sengem Mandat hei méiglecherweis iwwerschratt huet?
- 3) Wéi eng Konsequenzen zitt d'Regierung aus dëser Deklaratioun vum Här Borrell? Wäre et net opportun hien a senger Funktioun ofzeléisen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère des Affaires étrangères  
et européennes

Direction de la Défense

**Gemeinsam Äntwert vum Verdeedegungsminister a vum Aussen- an  
Europaminister op d'parlamentaresch Fro n° 7059 vum 25. Oktober 2022 vum  
honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser**

Et handelt sech em eng Ausso vum Héije Representant vun der Europäescher Unioun fir d'Aussen- a Sécherheetspolitik, déi nëmmen hien engagéiert.

Den Héije Representant huet d'Recht, seng Siicht zum Ukrainkrich duerzeleeën. All Diskussioun iwwert d'Reaktioun vun der EU am Fall vun enger russescher Nuklearattack ass reng hypothetesch.

Lëtzebuerg, den 24. November 2022

(s.) François Bausch  
Verdeedegungsminister